N°250
Entrée le 30.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 31.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

2020 gouf an der Chamber eng Debatt gefouert iwwert d'Lichtverschmutzung a wéi een Impakt dës op eis Ëmwelt souwéi Mënsch an Déier huet. Grad bei ville Déieren ass kënschtlech Luucht ee Problem, well hire Rhythmus an hiert Verhale verännert ginn. Sou gouf zum Beispill bei Insekten oder Fliedermais erausfonnt, dass d'Luucht hier Orientatioun stéiert an deemno och d'Paarungsverhalen negativ beanträchtegt, wat dann erëm ee Risiko fir d'Biodiversitéit ass.

Vill Spadséierweeër, Nationalstroossen an Autobunnen, wou och Luuchtepottoen stinn, féieren duerch oder laanscht Natura2000-Zonen. D'Liichtverschmotzung gëtt als ee Punkt am nationale Plang fir Naturschutz (PNPN3) opgefouert, deen och dës Regierung ënnerstëtzt, laut Koalitiounsaccord. De Plang verweist op de "*Leitfaden „Gutes Licht" im Außenraum für das Großherzogtum Luxemburg",* wou recommandéiert gëtt, fir op insektenschounend an eng ugepasste Beliichtung ze setzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Op wéi enge Weeër a Stroossen hei am Land si schonns déierefrëndlech Luuchten installéiert? Op wéi engen Stroossen ass dat nach net de Fall?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°250
Entrée le 06.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 250 vum 30. Januar 2024 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

*Fro 1: Op wéi enger Weeër a Stroossen hei am Land si schonns déierefrëndlech Luuchten installéiert? Fro 2: Op wéi engen Stroossen ass dat nach net de Fall?*

De Leetfuedem *„Gutes Licht im Außenraum für das Großherzogtum Luxemburg"* gouf 2018 vum deemolegen Departement fir Ëmwelt vum Ministère fir nohalteg Entwécklung an Infrastruktur ausgeschafft. All d'Luuchte mat LED-Technologie, déi säitdeem vun der Stroossebauverwaltung opgeriicht goufen, entspriechen dësem nationale Leetfuedem. Säit der Publikatioun vum Leetfuedem sinn ongeféier 25 % vun de ronn 56 000 Luuchten op de Staatsstroosse mat LED-Technologie equipéiert ginn.

D'Ëmsetzung vun der Erneierung vum Bestand duerch Luuchte mat LED-Technologie geschitt entspriechend dem dofir ageplangtem Budget, dem Alter vun de bestoenden Anlagen an den eventuell geplangten Aarbechten ob Streckenofschnëtter vu Staatsstroossen.

Lëtzebuerg, den 6. März 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes